N° 7970
Entrée le 08.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.05.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Mee 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister an un den Här Tourismusminister weiderzeleeden.

Déi am Mëttelalter gegruewen Hiele vun de Mamerleeë gehéieren zu de wichtegen historesche Sitte hei am Land a ginn och vun de Schoule gären als pedagogescht Ausfluchszil benotzt. D'Geschicht iwwert d'Exploitatioun vun de Mamerleeën am Laf vun de Joerhonnerte bleift allerdéngs a villen Hisiichten nach ze erfuerschen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Gesäit d'Regierung vir, de Site vun de Mamerleeë méi bekannt ze maachen an en touristesch ze promouvéieren, inklusiv duerch eng adäquat Ausschëlderung?
2) Wëll d'Regierung de Site wëssenschaftlech besser erfuersche loossen? Wa jo, duerch wéi eng Institutiounen?
3) De Site ass net genuch ofgeséchert. Op verschiddene Plaze kéinte Leit an eng Fielsspléck falen a sech verletzen. E puer vun den Hiele kéinten och plazeweis abriechen a missten ofgestäipt ginn. Denkt d'Regierung drun, déi néideg Moossnamen ze huelen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten